LSAP

N°1424
Entrée le 24.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.10.2024
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24. Oktober 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

Am aktuelle Budget 2025 kann een ënnert dem Volet vum Sportsministère liesen: *« Il est envisagé de regrouper les infrastructures sportives nationales d'envergure telles que le Vélodrome, l'Institut national des sports (INS), le centre sportif Belval et la Coque dans un établissement public (AINS). »*

Zousätzlech kann een awer och aus dem Koalitiounsaccord liesen: *« Le Gouvernement s'engage à transformer l'Institut national des sports (INS) en AINS pour rendre possible et assurer la gestion des infrastructures sportives nationales et à envergure nationale, comme par exemple le vélodrome, la SportFabrik, les infrastructures sportives nécessaires au bon fonctionnement du Sportlycée et le futur musée des sports. »*

Heizou wollt ech dem Sportminister follgend Froe stellen:

1) Kommen déi am Koalitiounsaccord opgeléschten Infrastrukture wéi SportFabrik a Sportmusée, dann och an dee selwechten Etablissement public, deen am Budget 2025 erwäänt gëtt?
2) Wëll den Här Sportminister da verschidden nei Etablissements publics an d'Weeër leeden? Wann net, wéi gëtt dann d'Gestioun vun der SportFabrik an dem zukünftege Sportmusée gereegelt?

Mat déiwem Respekt,

Georges Engel
Deputéiert

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu